



Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 6130 vum 2. Mee 2022 vum Här Deputéierten André Bauler.

Wou ass dëse Projet de Moment drun? Läit e komplett op Äis oder gëtt d'Planung iwwerschaaft?

Den Ausschreibungsdossier zum Projet ass am gaange finaliséiert ze ginn. Am Abléck ginn déi viraussichtlech Käschte vun dësem Infrastrukturprojet am Respekt zu deenen aktuelle massiven Haussé beim Material a vun der Energie ugepasst.

Sinn entre-temps nees Gespréicher mat de betroffenen Besëtzer vun Terrainen, déi gebraucht ginn, fir d'Vëlospist vu Gilsdref bis op Fouhren ze verlängeren an da vun do aus un déi al Eisebunnsliin vum „Benny“ unzeschléissen, gefouert ginn? Wa jo, wat sinn d'Konklusiounen?

D'Missioun fir di néideg Terrainen ze kafen, läit am Zoustännegkeetsberäich vum Comité d'Acquisition beim Finanzministère. Mengen Informatiounen no kommen d'Verhandlung mat de jeeweilige Besëtzer awer gutt virun.

Wéi héich wier de geschate Käschtepunkt, wa sech dëse Projet konkretiséiere géif?

De viraussichtleche Käschtepunkt vum Vëloswee tëschent der Bleesbréck a Furen beleeft sech op ronn 2 Milliounen Euro. Dëse Montant beinhalt weder d'Käschte vun den Emprisen nach weider Haussé op de Materialien an der Energie.

Zum Ofschnëtt vun der Vëlospist PC22 vu Gilsdref/Dikrech bis op d'Bleesbréck wier nach ze bemierken, dass dësen Deel fréistens 2025 realiséiert ka ginn. Dëst am Kader vum zweete Lous vum Amenagement vun der "Rue Clairefontaine" tëscht Dikrech an der Bleesbréck.

Lëtzebuerg, den 9. Juni 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch